

Embargo bis den 1. Mee 2013 um 11 Auer

(Et zielt daat geschwaate Wuert.)

**Léif Kolleginnen a Kollegen,
(Begréissung)**

Erlaabt mir lech alleguerten ganz häerzlech op eiser éischt Mee Manifestatioun hei zu Zolwer ze begréissen.

En häerzlechen Merci un den John Diels an eis lokal Sektoun „Gemeng Suessem“, fir déi vill Aarbecht déi si hei am Kader vun der I. Mee-Manifestatioun mam Bezierk geleescht hunn.

Kolleginnen a Kollegen,

Dësen I. Mee steet ënnert dem Zeechen vun enger déifgreifender Kriis an Europa.

Enger Kriis déi vill Bereicher betrëfft, notamment d'Finanzwelt an d'Wirtschaft an déi am Kontext vun der Scholdenkriis ganz Staaten an Europa un d'Wackelen kritt.

Dës Kriis ass awer och zu enger Vertrauenskriis ginn.

Eng Vertrauenskriis géintiwer den europäeschen Institutiounen an och ganz allgemeng eng Vertrauenskriis géintiwer der Politik op nationalem an europäeschem Niveau.

D'Art a Weis wéi déi politesch Responsabel op d'Auswirkungen vun dëser Kriis reagiert hunn, ass ganz oft nët akzeptabel.

D'Scholdenkriis vun den europäeschen Staaten, muss sécherlech duerch Redressementer vun deenen eenzelnen Länner-Budget'en an de Grëff bruet ginn.

Dëst muss awer op eng solidarësch an sozial equilibréiert Art a Weis virgeholl ginn.

An der Praxis geseit d'Politik an Europa awer anescht aus.

Et gët een d'Gefill nët lass, wéi wann eenzel Länner probéieren hier innenpolitësch Problemer duerch eng deementspreechend Europapolitik an de Grëff ze kréien.

Waat dozou féiert, datt Decisiounen geholl ginn, „Ohne Rücksicht auf Verluste « a mat dozou féiert, dass am sozialen Bereich eng Casse entsteet, déi nach riskéiert dramatesch Konsequenzen no sech ze zéien.

Länner wéi Griechenland, Portugal, Spuenien an elo och Zypern, stinn sozial gesinn, mam Reck widdert der Mauer.

An deene Länner bezuelen déi kleng Leit d'Rechnung, déi di politesch Responsabel, ze verantworten hunn, doduerch, datt se an der Vergangenheet irresponsabel géréiert hunn oder mat enger „laisser faire“ Approche di dramatesch finanziell Situation herbei gefouert hunn.

Déi Mesuren déi elo an deenen eenzelnen Länner decidéiert goufen, belaaschten déi kleng Leit, déi schon sozial schwach waren.

Domat ass also schons erem den nächsten Problem programméiert.

Amplaz méi Europa ze woen, amplatz mat gemeinsamen Konzepter aus dem Euro-Raum och en gemeinsamen Wirtschaftsraum ze man, gët d'Politik vum „chacun pour soi“ gefouert.

Déi Länner déi Problemer hunn, oder besser, d'Leit an deene Länner déi Problemer hunn, bleiwen dobei op der Streck.

Länner mat déifgreifenden Problemer an och déi kleng Länner an Europa zielen hei anscheinend nët méi.

Dobei muss an Europa awer eppes kloer sinn.

Sollt et an der noher Zukunft e grousst Land wéi Frankreich oder Italien betreffen, dann ginn déi heiteg Rezepten nët méi duer.

D'Leit an Europa spieren daat, d'Leit an Europa mierken daat.

Et ass also absolut nët verwonnerlech, wann Populismus an Nationalismus an Europa erem op der Dagesuerdnung stinn.

Kolleginnen a Kollegen,

Dëst ass nët nëmmen eng Wirtschaftskriis a Scholdekriis, mee am Fong eng politesch Kriis, an dofir muss de Modell an Europa nei definéiert ginn.

Spekulanten an déi soi-disant héich spezialiséiert Finanz- an Investment-Bankers, déi die Kriis lassgepréppelt hunn, mussen endlech vun den politesch Responsablen an hier Schranken verwiesen ginn.

Op kloer Regelwierker no der Finanz- a Bankekriis vun 2008 waarde mir nach ëmmer.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir brauchen Europa, mir stinn fir Europa an.

Mir stinn, fir en sozialt Europa, en solidarescht Europa an en friddlëcht Europa.

En Europa vun de Bierger. Wou déi Reich nët ëmmer méi reich ginn an déi Arm nach méi an de Misère gerooden.

Et gët héich Zeit, datt d'Politik an Europa reagiert. Dass nët méi géint eneen regiert gët, mee mateneen.

Kolleginnen a Kollegen,

Fir Lëtzebuerg, huet dës Kriis zwou grondleegend Konsequenzen:

- 1) Den Chômage an och besonnesch den Jugendchômage klëmmt steeteg.
- 2) D'Auswirkungen vun der Kriis op Finanzplätz huet en Defizit am Staatsbudget no sech gezunn, deen mëttelfristeg eisen Sozialmodell wert a Fro stellen.

D'Fro déi een sech also stellen muss, ass op de Geschäftsmodell Lëtzebuerg och an der Zukunft nach funktionnéieren kann.

D'Restrukturation vun eiser Finanzplätz ass voll amgang, iwver 40 Sozialpläng, méi wéi 2.000 ofgebauten Aarbechtsplätzen sinn an deem Kontext nëmmen d'Spëtz vum Eisberg.

D'Unzuel vun den Failliten bei eis am Land geet erop, an och doduerch verléieren eng ganz Rei vun Leit, hier Aarbechtsplätz an domadder hier Existenzgrondlaag.

Vill aner Betrieber sinn och an Turbulenzen, well hieren Geschäftsbereich am Embroch ass oder hieren Geschäftsmodell sech géännert huet.

D'Cargolux an d'Luxair sinn hei nëmmen zwee prominent Beispiller.

Decisionszentren vun deenen meeschten groussen Betrieber sinn och nët méi hei zu Lëtzebuerg.

D'Entwecklung vun der Arbed zur Arcelor an zur ArcelorMittal muss eis ferme ze denken ginn.

D'Gewerkschaften, den LCGB war géint d'OPA vun Mittal op d'Arcelor.

D'Politik huet eis 2006 nët suivéiert, mam Argument ët misst no der Finanzplätz gekuckt ginn an eng „protectionistesche“ Politik wier nët am Aklang mat der gefuerderter Freiheit op eiser Finanzplätz.

2013 geseit d'Welt leider anescht aus, d'ArcelorMittal ass eng Realitéit, awer d'Siten vun Schëffleng an Rodange sin Passé.

An „d'Freiheit“ op der Finanzplatz huet och Grenzen opgewisen kritt.

Déi rezent Entwëcklung an den entgütleger Aus vum lëtzebuenger Bankengeheimnis huet sëcherlech eng Entwëcklung lassgetrëppelt deeren Konsequenzen leschten Ends eréischt an e puer Joer voll ze spieren wärte sinn.

Elo stellt sech awer d'Fro, ewéi mir op dës Kriissituatioun hei am Land sollen reagéieren?

Ofwaarden an neischt man, kann fir eis nët a Fro kommen !

Den LCGB fuerdert am Kontext vun dëser Kriis, méi sozial Ofsecherung fir den Privatsektor hei an dësem Land !

Méi sozial Ofsecherung doduerch, datt mir zualleréischt als Sozialpartner ët erem ferdeg bringen, eng gemeinsam Kollektivvertragspolitik zu definéieren.

Et ass franchement en Skandal, datt déi eenzeg Reaktioun vun den Responsabelen an de Betriber, bei der ArcelorMittal, bei der Cargolux, der Luxair, d'eeseiteg Kënnegung vum Kollektivvertrag ass.

Den Kollektivvertrag ass eng gegenseiteg Garantie fir den Employeur an den Salariaé, ët ass de Garant fir d'Beschäftegung, d'Aarbechtskonditiounen an de sozialen Fridden hei am Land.

Wa mir an de Betriber Probemer hunn, dann sollen a mussen dës Problemer definéiert an diskutéiert kënnen ginn.

Nëmmen esou kënnen mir gemeinsam Léisungen fannen.

En sozialen Kaalschlag ass nët akzeptabel a wärt op den Widderstand vum LCGB stoussen, wann ët drëms geet d'Aarbechtskonditiounen vun de Leit eeseiteg ze verschlechteren.

Eng Léisung, een akzeptabelen Kompromess brauchen och d'Kollegen aus dem Bau.

Et geet hei drëms, dësen Kollegen déi an engem Bereich tätég sinn, wou nach schwéier geschafft gët, am Kollektivvertrag daat Resultat zoukommen ze loossen waat hinnen op Grond vun hirem Asaatz, hirer Aarbecht zousteet.

An der Aarbechtszeitorganisatioun muss och den Constrainten vum Bau, awer besonnesch den Aarbechtskonditiounen vun de Leit Rechnung gedroe ginn.
Et wier en Armutszuegnis fir den lëtzebuenger Sozialmodell, wa mir hei géifen an en Konflikt geroden, déi en handfesten Aarbechtskampf kéint no sech zéien.

Mir brauchen méi Sozialofsécherung an dësem Land.

Mir brauchen eng Tripartite, nëmmen do kënnen mer Léisungen fannen, e Konzept ausschaffen, wéi mir eis Staatsfinanzen erëm an den Equiliber kréien, eisen Sozialmodell ofsëcheren an doderniewt och am Sujet Chômage déi richteg Léisungen kënnen fannen.

Den Equiliber vun eisen Staatsfinanzen ass wichteg, well et hei ëm d'Fonctionnement vun eisem Land geet, well et awer och déi néideg Basis ass, op derer eis Sozialversëcherung fousst.

An dofir verstinn mir nët, firwaat sëch Stëmmen hei am Land hiewen, géint esou een Kriiseninstrument waat seng Preuven jo awer gemaach huet !?

Mir kënnen och nët an der Lancée vum Spuerpack 1 an Spuerpack 2 weider fueren an d'Salariéen eeseiteg belaachten.

Ausserdeem riskéiert TVA-Erhéigung déi fir 2015 virgesinn ass, just op dësem Wee weiterzefueren.

Mir brauchen hei dringend e Konzept, wéi mir iwwert déi nächst Joren den Budget equilibréieren a wéi déi Charge déi do ze droen ass dann och sozial gerecht kann verdeelt ginn.

Zwëschen Salarié'en an Employeur'en, tëscht den Generatiounen an op eng Art a Weis déi zur Kenntnis hëllt, datt nët all Ménage d'selwescht kann belaacht ginn, mee no deenen Moyen'en déi zur Verfügung stinn.

Esou en Konzept muss eng Politik favoriséieren, déi nët méi Précaritéit no sech zitt, mee eng Politik déi effektiv fir méi sozial Ofsëcherung suergt.

An deem Kontext ass d'Ofschaafung vun der Prérétraite Solidarité en falscht Signal.

An an deem Kontext, ass d'Afroostellen vun der Aide au Réemploi sëcherlech och en Aspieren op der falscher Plaz, well se d'Flexibilitéit an d'Mobilitéit vun den Chômeuren verhënnert!

Kolleginnen a Kollegen,

Et ass also an dësem schwierigen Umfeld wou mir déi kommend Sozialwahlen preparéieren müssen, an et ass fir eis dann och kloer, datt mir an eisem Aarbechtsprogramm fir déi kommend Joeren Léisungen müssen fuerderen, déi de Leit, den Mënschen an de Betriber, den Rentner an der Jugend an der Ausbildung, déi néideg Ennerstëtzung an Hëllefstellung kann ginn.

Et ass aus dësen Grënn, datt den LCGB méi sozial Ofsëcherung fir den Privatsecteur fuerdert an sech fir nei Léisungen am Bereich vum Chômage staark mecht.

Mir fuederen eng besser Ofsecherung géint de Chômage, dodurch, datt mir den Modell „Cellule de Reclassement“, deen eis erlaabt huet d’Sidérurgie grondlegend ëmzestrukturéieren och op aner Sekteuren vun der Economie adaptéieren.

D’Formation Continue an d’Beschäftigungsinitiativen mussen och hire Rôle an esou engem neien Modell kënnen spillen, an ënnerstëtzend fir den Einzelnen do sinn.

Schlussendlech komme mir als klengt Land nët derlanscht, fir daat solidarëscht Element an der Economie ze stärken. An domadder Plaatzen zu schaafen fir déi Leit, déi opgrond vun den Emstänn ze schwaach sinn fir se um Aarbechtsmarché ze haalen.

Dëse Modell fuedert deen Einzelnen, well een sech mat vollem Engagement op enger neier Schaff oder an enger Formatioun muss asetzen.

An dësem Modell ënnerstëtzt deen eenzelnen a seng Famill, well d’Existenz an de Liewensstandard ofgeséichert ginn.

Kolleginnen a Kollegen,

Besonnesch d’Beschäftigungsinitiativen mussen an esou engem Modell hire Rôle kënnen spillen.

Den sozialen Encadrement, d’Ausbildung an d’Weiderbildung, an d’beruflech Orientéierung an d’Ëmorientéierung, sinn hei d’Aufgaben.

Aufgaben déi als Objectif mussen hunn déi Concernéiert an den Aarbechtsmarché zu inséréieren oder ze réinséréieren.

Aufgaben, déi an der Zesummenaarbecht mat den Employeur’en an der ADEM mussen erfëllt ginn.

Dofir mussen nët zulescht d’Beschäftigungsinitiativen sech deementspriechend nei orientéieren.

Den ProActif ass dës Erausforderung ugang an huet sech restrukturéiert an reforméiert.

Et ass hei dofir gesuergt ginn, dass dës Struktur op nei a besser, méi staark Féiss gestallt ginn ass.

Dofir wëll ech och vun hei aus Merci soen, den Responsabelen am Conseil d’Administration an der Direktioun an dem ganzen Personal vum ProActif.

An och hei Merci fir déi gudd Zesummenaarbecht mam Aarbechtsminister.

Kolleginnen a Kollegen,

Den LCGB fuedert doriwer eraus, datt d'Kaafkraft vun de schaffenden Leit an de Rentner muss erhaale bleiwen, also muss den Index och erhaale bleiwen.

Den Index ass keen Element vun der Sozialpolitik. Mee den Index ass déi eenzeg Garantie fir eis Kaafkraft ofzesëcheren an dofir duerf dësen Index och nët manipuléiert ginn.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir brauchen doriwer eraus eng kloer Analyse vun eiser Sozialversëcherung.

Eis Sozialversëcherung muss verbessert ginn, an déi muss punktuell ausgebaut ginn.

Den LCGB fuedert an dësem Kontext:

- d'Oofschaafen vun der 52-Wochen Regelung, well dëst d'Leit déi schwéier krank sinn, existensbedrohend ass.
(daat ass nach ëmmer en Thema fir den LCGB.)
- Eng kloer Regelung am Kader vun der Lohnfortzahlung am Krankheetsfall, datt déijéineg Salariéen déi regelméisseg Schichtarbecht machen, nët benoodelegt sinn.
- d'Reform vum Reclassement Professionnel wou fir d'Leit am Reclassement Externe sënnvoll Aarbechten müssen definéiert an fond ginn.
- d'Stärkung vun eisem Rentensystem mat enger neier Prérétraite Progressive, déi de Leit erlaabt schrëttweis éischer aus dem Aarbechtsprozess erauszeklappen awer doduerch insgesamt méi laang aktiv ze sinn.
- Datt den Rentensystem och enger neier Situatioun, nämlech méi langen Ausbildungszeiten Rechnung dréit.
- Eng allgemeng Pension Complémentaire déi keen Virrecht vun e puer Einzelner duerf sinn, mee allen Salariéen zugängelech gemach muss ginn.

Doriwer eraus muss den Sozialdialog an den Betrieber verbessert ginn.

- D'Gewerkschaften an hir Personalvertrieder müssen kënnen modern Kollektivvertrëg déi op den Fonktiounen baséieren aushandelen.

Den LCGB setzt sech vehement dofir an, datt

- d'Perspektiven vun allen Salariéen müssen erhaalen an verbessert ginn.

Fir den LCGB ass

- eng Participatioun un de Beneficer vun den Betriber en Urecht ginn fir all Salarié, dëst besonnesch well d'Pertin och op den Salarié oofgewellst ginn.

Doriwer eraus fuerderen mir, datt

- d'Liewensqualitéit vun de Famillien muss erhaale bleiwen. Mir brauchen en akzeptablen Kompromiss zwëschen Aarbeitszeit an Familieliewen.

Kolleginnen a Kollegen,

Waat ass eigentlech nach d'Matière Première hei am Land?

D'Äntwert ass ganz einfach, d'Matière grise vun eisen jonken Leit, ass déi eenzeg Matière première déi eisem Land nach bleiwt.

An dofir muss och eng Schoulreform definéiert ginn, déi dës Matière Première notzt an fuerdert.

Een Element dovun sinn d'Sproochen. Vielsproochegkeet ass e weesentlechen Standurturdeel fir eis d'Land. Dëst darf duerch dës Reform nët futti gemach ginn.

Diplomer déi eis jonk Leit sech erschaffen, mussen um Aarbechtsmarché kompetitiv bleiwen.

Een nivellement vers le bas kënne mir eis nët erlaaben.

Waat déi dual Ausbildung hei am Land, also d'Léier ugeet, muss dëss am Industriebereich an an der Logistik op nei Féiss gesaat ginn.

D'Formation continue muss endlech en Urecht fir all Salarié ginn.

Doriwer eraus wärt den LCGB sech an der Chambre des Salariés fir eng Iwwerprüfung an gegebenenfalls Upassung vun der Schaffensweis vun dësem Gremium asetzen.

5 Joer nodeems déi éischt Chambre des Salariés duerch d'Aféierung vum Statut unique gewielt gouff, ass et un der Zeit den Fonctionnement vun der Chambre des Salariés ze iwwerprüfen an do Verbesserungen an Ännerungen unzebrenge wou d'Expéienz vun deenen vergangen Joren eis daat operleed.

Kolleginnen a Kollegen,

Dir gesidd also, datt mir gudd opgestallt an preparéiert an dës Sozialwahlen ginn.

Dir gesidd, datt den LCGB staark Argumenter huet, an nët mat Schlagwieder operéiert.

Erlaabt mir lech alleguerten an dësem Kontext villmools Merci ze soen.

Den Kandidaten fir hiren Engagement an de Wëllen, eis bei dësen nächste Sozialwahlen am November 2013 ze verrieden.

Den Memberen an Militanten, fir hier Ennerstëtzung an hiren Asaatz.

An dem Personal vum LCGB, den Gewerkschaftssekretären awer och alleguerten eisem Personal aus dem administrativen Bereich an dem Info-Center fir déi Aarbecht déi hei geleescht gouf.

Kolleginnen a Kollegen,

D'Erausfuederungen vun dëser Kriis mussen dozou féieren, datt mir an eng Diskussioun eraklennen, wéi mir d'Mënschen an dësem Land durch déi Kriis wëllen brengen.

Mir mussen eis kloer ginn, waat mir fir Elementer an deem Sozialmodell brauchen, an wéi mir dëst dann och finanzéieren.

Dofir wëll ech lech haut och schons alleguerten op eis Table Ronde iwwert Zukunft vum lëtzebuerger Sozialmodell den 20. Juni an der Rockhaal zu Belval invitéieren.

Mir wëllen do zesammen mam lëtzebuerger Staatsminister, dem Aarbechtsminister, der Educatiounsministesch, dem President vun der UEL an dem Generalvikar deen sech och ganz stark an der Caritas op nationalem an internationalem Niveau engagéiert, diskutéieren.

Den LCGB geet ët an dëser Diskussioun ëm den eenzelnen Mënsch, deen sech hei muss kënnen eremfannen.

Mir engagéieren eis fir en Débat deen op Argumenter berout an den Mënsch an de Mëttelpunkt stellt.

An dëst och, mee nët nëmmen, an den Sozialwahlen.

Ech zweifelen kee Moment drun, datt mir mat dëser Virgehensweis, mat eisen Kandidaten an Militanten, am November deen verdëngten Succès wärten hunn.

Vive den éischte Mee !

Vive den LCGB !

Villmools Merci fir Är Opmierksamkeet !